**Energieeffizienz= virun der eegener Dier kieren.**

An deene knapp 3 Minutte wou dir dësen Artikel liest kommen op der Welt ronn 500 Leit bäi. Alleng haut sinn et bal 240.000 nei Erdebierger. Den Ament si mir zu 7,2 Milliarden an an den nächsten 10 Joer wiisst Weltpopulatioun em bal eng Milliard zousätzlech. Den Energieverbrauch wäert an den nächste Joren Dimensioune kréien, déi mir eis nëmme ganz schwéier kenne virstellen.

Zu Lëtzebuerg operéiere mir mat méi klengen Zuelen, mee proportional gesi gi mir eis weider gutt drun, iwwert 10.000 Leit zielt de Grand -Duché all Joer méi op sengem Territoire. Eise ganze gesellschaftlechen, wirtschaftlechen a soziale System ass op een zolitt Wuessen opgebaut mat der Suite dass dann d'Unzuel vun den Awunner an de Besoin no Energie an der Logik och wäert wuessen.

Wéivil Wuesstem mir iwwerhaapt verdroen a wéini mir nach vun nohaltegem Wuesstem kenne schwätzen ass eng Diskussioun déi de Kader vun dëse puer Zeile sprengt. Eppes ass kloer, hei wei och dobaussen an der Welt; do wou Energiequellen endlech si kann de Verbrauch net onendlech sinn. D'Onofhängegkeet vun de fossille Brennstoffer gëtt deemno gefuerdert an sech zugläich awer och beklot iwwert Onofhängegkeet vun den Energiemultien.

De leschten 13 Juni ass hei zu Lëtzebuerg um Conseil vun den europäeschen Energieministren iwwert eng nei Strategie diskutéiert ginn déi Europa méi onofhängeg vun de Fournisseure maachen an zugläich awer och eng méi grouss Liwwersécherheet garantéiere soll. Net vu Muttwëll, wann ee weess wat momentan an der Welt lass ass, an dass ebe vill Energie aus Deeler vum Globus komme wou et all Dag rabbelt a kraacht.

Als eng vun de Konklusioune gouf festgehalen dass et un der Zäit wier dass Europa sech och an d'Richtung vun enger Energieunioun sollt bewege mat garantéiertem Accès zu enger Energie vu stabille Präisser am Respekt vun den Zilsetzungen 2030. Fakt ass, méi wei

d'Halschent, genee 53% vum europäesche Verbrauch, ass importéiert Energie. Alleng den Akaf vu fossille Brennstoffer ass esou héich wei véiermol de Budget vun der europäescher Unioun.

Eng Rechnung vu méi wei enger Milliard Euro den Dag!! Elo victimiséire mir eis global, mee agéiere mir och lokal? An der Strategie 2020 sinn Zilsetzunge kloer ëmrass, 11% vum lëtzebuergesche Verbrauch soll seng Quell an den erneierbaren Energien hunn. Den Ament si mir bei 3,1 % !

Déi europäesch Richtlinne fir 2030 schreiwe 27% erneierbar Energie vir a well mir menge mir kéinten et besser maachen, ass eis Regierung higaangen an huet nach eng drop geluecht. Sie meeld d'Erreeche vun 30 % erneierbar Energien op Bréissel. Ee Sprong vun 3,1% op 11% an dann op 30% !! Alles schéin a gutt, mee Zieler setze geet net duer. D'Regierung vergësst awer ze soe wéi!

Just zwee Stéchwierder an deem Kontext:

Elektromobilitéit: Bis 2020 sollen 850 Bornen uechtert d'Land opgeriicht sinn, den Ament si mir bei 43! Deemno schéngt et och onrealistesch ze sinn dass a 5 Joer zu Lëtzebuerg wei ugekënnegt 40.000 Elektroautoe sollen fueren.

Wandenergie: De vireschte sozialistesche Wirtschaftsminister huet emol eng Kéier ugekënnegt bis 2020 d'Unzuel vun de Wandrieder ze verduebelen , bis zu 90 Stéck kéinten der dann hei am Grand Duché dréinen. Fir den Ament si mir bei 46 mat enger Produktioun am leschte Joer vun 82 Gw Stonn. D'Virgab aus Europa bis 2020 sinn 240 Gw Stonn dat heescht an 5 Joer misste mir iwwer 130 Rieder dréinen hunn.

Vill Gemengen am Land hate sengerzäit eng Petitioun géint Cattenom ënnerschriwwen, et wier och flott wann e puer Gemenge géife schreiwen: "mir wëlle Wandkraaft."! Et geet net nëmmen duer sech iwwert de Misär an der Welt opzereegen aus Angscht Muer um

Dréchenem ze setzen. Wa mir net wëllen an de Schied kommen an do bleiwen musse mir och léieren iwwert deeselwechten ze sprangen a bei eis selwer unzefänken.

D'Kombinatioun tëscht nohaltegem Wuesstem, sécherer Energieversuergung a gescheitem Energieverbrauch gëtt eng vun de gréissten Erausfuerderunge fir déi nächst Joren an dat geet direkt virun der eegener Hausdier un.

Félix Eischen